



fiéiere sinn, mä dat ass: Wéi kënnen mer dee beschte System fir déi nächste Jore fannen? An do zielen ech op d'Ennerstëtzung an d'Koope-ratioun vun der Chamber!

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanz-minister. Mir kéimen dann elo zu der Ofstëm-mung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6440 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi 6440 ass ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen, géint 14 Nee-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6440 est adopté par 45 voix pour et 14 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Als nächste Punkt stinn d'Chamberskonte vum Joer 2011 um Ordre du jour. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et ass den honorabelen Här Carlo Wagner, deen eis als Rapporteur déi Konte presentéiert.

(Interruption)

3. 6491 - Comptes du service inté-rieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2011

Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Carlo Wagner (DP)**, rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 165 vun eisem Reglement gesäit vir, ech zitieren: «(1) L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite „Commission des Comptes“, assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau. [...] (4) La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des Comptes pour être enregistrée.»

Wat nun, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reserve vun der Chamber ubelaangt, esou gesäit een, wéi dat och schonn de Fall dat Joer virdu war, datt déi selbstverständlech duerch d'Renova-tioun vun der Maison Wiltheim affectéiert sinn. Dräi Milliounen sinn dofir virgesinn.

Op den 1. Januar hu sech d'Reserven op 5.590.000 Euro - ech kieren of - chiffriert, wou 1.859.000 Euro fir Dépenses imprévues virgesi sinn an u sech och déi reell Reserv vun der Chamber duerstellen. D'Reserve informa-tique chiffriert sech op 731.000 Euro, déi néi-deg si fir schonn engagéiert Dépenses.

Ee Bléck op de Bilan weist, datt mer op den 31. Dezember 2010 en Aktiv an e Passiv hate vu 7.780.000 Euro, an op den 31. Dezember 2011 ee vun 8.841.000.

Da wëll ech lech alleguerten awer och net vir-enthalen, datt mer par rapport zum Budget adopté 1.809.000 Euro manner ausginn hunn, dat sinn 6,29%.

Den Delta tëscht dem Budget, dee virgesi war, an de Frais effectifs an der Sectioun „Députés“, dat heescht minus 397.000 Euro, erkläert sech haaptsächlech opgrond vun de Budgetartike-len „Indemnités de secrétariat“ an „Congé po-litique“. Fir déi Budgetartikele muss d'Admi-nistration parlementaire de gesetzleche Be-stimmungen no e Budget maximal ufroen, deen awer an der Regel ni gebraucht gëtt, op alle Fall net ganz gebraucht gëtt.

An der Sectioun „Institutions parlementaires in-ternationales“ si Frais de route ageschriwwé fir d'international Réunioneen, déi dann och na-tierlech Fonctioun si vun der Zuel vun de Parti-cipanten, der Zuel vun de Réunioneen an och der Plaz, wou se stattfannen. Do si 95.000 Euro manner gebraucht ginn.

Beim Personal, wou 244.000 Euro agespuert gi sinn, erkläert sech den Écart doduerch, well d'Salaire vun alle Fonctionnaire fir e ganzen Exercice agesat ginn an déi Rekrutementer awer oft eréischt am Laf vum Joer stattfannen. 2011 huet och een Deel vum Personal en Temps partiel ugefrot, woubäi awer eng ganz Tâche am Budget virgesi war.

Da sinn och nach beim Posten „Compte rendu“ eng 248.000 Euro agespuert ginn, well just 14,5 Compte-renduë vun deenen 19, déi ge-plangt waren, realiséiert goufen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech net onendlech mat Zuele ploen. Den Detail, dee kënnt Der jo fannen am schrëftleche Rapport.

Et bleift dann och just, d'Firma Deloitte ze zi-tieren, déi den Audit vun der Konte vun der Chamber gemaach huet. Ech zitieren: «À notre avis, les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation fi-nancière de la Chambre des Députés au 31 dé-cembre 2011, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément au référentiel comptable tel que décrit dans la Note 1 qui fait partie intégrante des comptes annuels.»

Au vu vun där Appréciation an och vun där Analys, déi mir selbstverständlech vun de Kon-ten an der Kommissioun gemaach hunn, géif ech d'Chamber bieden, hiren Accord ze ginn zum Exercice 2011. Ech wëll dann och selbst-verständlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

Ech géif dann och nach gären dem Här Prä-sident eng Resolutioun iwwerreechen, déi seet, datt d'Chamber déi Konten unerkennt an datt mer d'Konten an och de Rapport vun der Com-mission des Comptes un d'Cour des Comptes weider wäerte reechen.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des Comptes,

approuve

les comptes de l'exercice 2011 et prie son Prési-dent de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

(s.) Carlo Wagner, André Bauler, Jean Colombero, Camille Gira, Roger Negri.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur.

Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Sou wéi den Artikel 165 vum Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolu-tioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet an déi folgende Wuertlaut huet: «La Chambre des Députés, vu le rapport de sa Commission des Comptes, approuve les

comptes de l'exercice 2011 et prie son Prési-dent de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.»

Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ofzestëmmen? Wien ass domadder d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Ech géif dann déi, déi mat der Resolutioun vun der Kontekommissioun averstane sinn, bieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn, mat där d'Resolutioun domat ugeholl ass. Esou wéi den Artikel 165 vum Chambersreglement et vir-gesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

Mir kommen dann elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar der Resolutioun iwwert d'Konten vun der Cour des Comptes fir d'Joer 2011. Hei ass et d'Madame Brasseur, déi elo d'Wuert dozou kritt. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

4. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2011 de la Cour des Comptes

Exposé

► **Mme Anne Brasseur (DP)**, Här President, ech géif bieden, dass mer dës Resolutioun solle stëmmen, well déi Konten, déi sinn exakt ge-féiert. Mir hunn dat nogekuckt an duerfir kann ech nëmmen der Chamber recommandéieren, dass mer dat duerch e Vote expriméieren.

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2011, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément au réfé-rentiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;

- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 3 décembre 2012;

approuve

les comptes de l'exercice 2011 de la Cour des Comptes.

¹ Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisées directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.

(s.) Anne Brasseur, Diane Adehm, Félix Braz, Gast Gibéryen, Roger Negri.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Bras-seur.

Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

D'Diskussioun ass dann och domadder ofge-schloss, an esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskon-trollkommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ofzestëmmen?

(Assentiment)

Dat schéngt mer de Fall ze sinn.

Vote sur la résolution

Ech bieden dann all déi, déi mat der Reso-lutioun vun der Budgetskontrollkommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dat schéngt mer och d'Unanimitéit ze sinn. Domadder ass dës Resolutioun ugeholl, an esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit,...

(Brouhaha et interruption)

...gëtt dës Resolutioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

Eisen nächste Punkt ass d'Resolutioun iwwert d'Konten vum Médiateur vum Joer 2011, an hei kritt nach eng Kéier déi honorabel Madame Brasseur d'Wuert.

5. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2011 du Médiateur

Exposé

► **Mme Anne Brasseur (DP)**, Här President. Och do géif ech d'Chamber bieden, där Resolutioun d'Zoustëmmung ze ginn. Mir sinn hei am Kader vun enger neier Procédure. Den Dënschdeg hu mer d'Procédure geännert, fir dass mer dat sollen iwwer Resolutioun no Examen vun der Budgetskontrollkommissioun hei adoptéieren.

Ech muss lech awer opmierksam maachen op e Passage aus dem Rapport vun den Experts-comptables vun der Fiduciaire, déi déi Konte vun dem Médiateur nogekuckt hunn. Déi schreiwen, an ech zitieren: «Nos vérifications n'avaient pas pour objet la certification de cet état comptable, dès lors nous n'avons pas véri-fié l'état comptable suivant les normes de révi-sion généralement admises.»

Fir de Rescht soe se awer, d'Konten wieren an der Rei. Mir musse fir déi nächst Joren ons awer eng aner Method ginn, fir dat ze vérifiieren. Dat wollt ech ennersträichen, mä no där Ob-servatioun géif ech awer nach eng Kéier der Chamber recommandéieren, déi Resolutioun ze stëmmen.

► Une voix.- Très bien!

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le compte 2011 établi par le Secrétariat du Médiateur et soumis au Bureau de la Chambre des Députés lors de sa réunion du 4 juillet 2012;

- vu l'opinion du réviseur, dont les vérifications n'avaient pas pour objet la certification de l'état comptable du compte 2011 suivant les normes de révision généralement admises, mais selon lequel «le compte 2011 donne une image fidèle des re-cettes collectées et des dépenses payées par le Se-crétariat du Médiateur du Grand- Duché de Luxembourg pour la période du 1^{er} janvier 2011 au 31 décembre 2011 en accord avec son règle-ment financier et comptable intérieur. Plus parti-culièrement, les opérations comptabilisées dans le journal peuvent être réconciliées de manière transparente par rapport aux comptes de trésore-rie.»;

- vu l'examen des comptes par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire lors de sa ré-union du 3 décembre 2012;

approuve

les comptes de l'exercice 2011 du Médiateur.

(s.) Anne Brasseur, Diane Adehm, Félix Braz, Gast Gibéryen, Roger Negri.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Bras-seur. Ech huelen net un, datt nach een dozou wëllt d'Wuert ergräifen. Domadder wär och d'Diskussioun ofgeschloss.

Sou wéi den Artikel 158 vum Chambers-reglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommis-sioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)

Dat schéngt mer de Fall ze sinn.

Vote sur la résolution


Ech bieden déi, déi mat der Resolutioun vun der Budgetskontrollkommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dat schéngt mer och erëm d'Unanimitéit ze sinn. Domadder ass dës Resolutioun och uge-holl, an esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Reso-lutioun och weidergereecht.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn dann och domadder um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Mëtteg ukomm. Déi nächst Sitzunge si vir-gesi fir den 11., 12. an 13. Dezember.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.01 heures)



d'Chamber online op
www.chd.lu